

**SPEBS**

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

## OPPENE BRÉIF UN DEN HÄR MINISTER MEISCH

Här Minister Meisch,

Genee ewéi d'Lycéeën an d'Grondschoulen sollen d'Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée demnächst erëm „en présentiel“ funktionnéieren. An de Schouklasse soll den Enseignement erëm an de Gebaier stattfannen, d'Centres an d'Unités de diagnostic sollen erëm ulafen a Berodungen, Reeducatiounen, Therapien a Suiviën, esouwuel sur place ewéi ambulante sollen erëm „en présentiel“ ufänken.

De SPEBS-CGFP (*Syndicat du personnel de l'Éducation nationale œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves à besoins éducatifs spécifiques*) ass net prinzipiell dogéint, den Enseignement vun de Schüler a Schülerinnen mat spezifische Bedürfnisser erëm ulafen ze loossen an en ass och net dergéint, d'Centres de compétences erëm schrëttweis opzemaachen. Mä och mir stellen eis vill Froen!

Obwuel mir eis Expertise ugebueden hunn, **ass de Ministère net op eis duerkomm**. Et si méttlerweilen Decisiounen a Mesuren kommunizéiert ginn, ouni datt iergendeen Austausch mam SPEBS-CGFP stattfonnt hätt. Vill Mesuren schéngen eis net duerchduercht oder net réalisierbar. Déi ganz Approche, mat hiren Onkloërheeten a Widderspréch veruersaacht elo scho vill Irritatiounen, Suergen an Ängschten a riskéiert dem Aarbechtsklima an de Centres de compétences nohalteg ze schueden.

Genee ewéi fir all Schülerinnen a Schüler an ewéi fir dat ganzt Schoulpersonal gëllt och fir d'Schüler a Schülerinnen mat spezifische Bedürfnisser an hir Enseignanten, Therapeuten esou wéi fir dat edukativt a psychosozialt Personal, dat si encadréiert, datt hir Gesondheet net däerf op d'Spill gesat ginn. D'Gesondheet vun alle Bedeelegte muss am Méttelpunkt stoen! An dat emsou méi, well de Prozentsatz vu vulnerable Kanner a Jugendlechen an der Populatioun vun den "Élèves à besoins spécifiques" besonnesch grouss ass.

De SPEBS hätt dofir gäere séier Äntwerten op folgend Froën:

1. D'Opdeelung vun de Schüler a Schülerinnen an **A- a B-Gruppen** an der Grondschoul an an de Lycéeën huet e.a. jo d'Zil fir d'Unzuel vu Persounen an de jeweilige Raimlechkeeten (Klassesäll, Gäng, Pausenhäff, Sanitäranlagen, Transport) erofzesetzen. Firwat gëllt dat dann net fir d'Centres de compétences? Op der enger Säit sinn hei d'Raimlechkeete méi kleng, well se fir méi kleng Klassen a Gruppe konzipiéiert goufen, an op der anerer Säit sinn d'Klassen- a Gruppeneffektiver aus gudde Grënn méi kleng. Dozou zielt zum Beispill och, datt

## SPEBS

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

déi betrafte Schüler a Schülerinne méi eng intensiv Prise en charge brauchen, Schwierigkeiten hunn, Saachen ze verstoen, ze héieren oder ze gesinn, oder och méi erausfordernd oder kreativt Verhalen un den Dag leeën. Wann decidéiert a kommunizéiert gëtt, datt et **d'Veantwortung vum Enseignant ass, fir de Respekt vun deenen 2 Meter Distanz zwëschent de Persounen ze garantéieren**, da musse mir leider feststellen, datt dat bei der Populatioun vun den Élèves à besoins spécifiques **esou NET emsetzbar** ass! Wéi eng Mesuren si virgesinn, fir dee Probleem ze léisen?

2. Den Édicateur / D'Éducatrice gradué(e), den Édicateur / d'Éducatrice diplômé(e), mä och d'Enseignanten, d'Rééducateurs / -trices an aner Berufsgruppen si beim Enseignement oder anere Chargen quasi ëmmer am **enke Kontakt mam Schüler oder mat der Schülerin mat spezifische Bedürfnissen**, egal ob et sech em den Enseignement an de Klasse vun de Centres de compétences, d'Réeducatiounen oder d'Prises en charge an de Centres de compétences, den ambulanten Enseignement, d'Interventions spécialisées ambulatoires, d'Assistance en classe an der inklusiver Beschoulung an der Grondschoul oder am Secondaire handelt. Wéi gëtt an deene Situatiounen d'Gesondheet vun de Schüler a Schülerinnen a vum Personal geschützt? Wéi eng Moosname si virgesinn bei deene Schüler a Schülerinnen, déi net eegestänneg iesse kënnen oder Ënnerstëtzung brauche bei hirem Toilettengang? D'Mesure gesinn vir, datt dann ggfs. déi 2 Meter Distanz net agehale musse ginn, an datt awer **just d'Personal eng Mask droë muss**. Wéi kann do d'Sécherheet vum Personal garantéiert ginn? Ass virgesinn all déi concernéiert Acteuren, also besonnesch och déi Schüler a Schülerinnen, mat deenen een enke Kontakt unausweichlech ass, an déi awer net an der Lag wäerte sinn, eng Mask ze droen, virun der Reprise an duerno regelméisseg ze **testen**?
3. Däerfen d'Schüler a Schülerinnen aus de Centres de compétences weiderhin stonneweis an hir **Classe d'attache** an hirer Gemeng goen? Wéi eng Reegelunge sinn an deem Beräich virgesinn?
4. A verschiddene Centres de compétences ass den Dag iwver keng Botzequippe sur place. Wéi soll an deem Fall fir **d'Hygiene garantéiert** kënne ginn? Et besteet Konsens, datt niewent dem "social distancing" ee gewëssenhaft Hännwäsche weiderhin déi wichtegst Moosnam ass, fir d'Verbreede vum Covid-19 ze verhënneren. Wéi gëtt de Probleem geléist, datt net an alle Centres de compétences Zougank zu waarem Waasser fir d'Schüler a Schülerinnen an

## SPEBS

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

- d'Personal besteet, resp. datt déi automatesch Krunnen d'Waasser nëmmen e puer Sekonnen lafe loosse? Sinn an deene Fäll technesch Léisunge virgesinn?
- Wéi ee **Material** kréien déi concernéiert Leit zur Vefügung gestallt? **Wéi eng Masken sollen z.B. bei héierende Schüler a Schülerinnen am Asaatz sinn, déi d'Mondbild vum Gesprächspartner brauchen, a wéi eng Maske bei héiergeschiedegte, Schüler a Schülerinnen, déi esouwuel op d'Mondbild vum Gesprächspartner ewéi op en Iwwerdroë vun der Sprooch iwwert ee Mikro ugewise sinn?** Wéi eng Maske solle blann Schüler a Schülerinnen droën, déi hir Mask bei der Verwendung net gesinn?
  - Wéi eng Léisung gëtt et bei Schüler a Schülerinnen, déi op Grond vun hirem spezifesch Förderbedarf d'Tendenz hunn, alles an de Mond ze huelen. Wéi eng Léisunge si virgesinn bei Schüler a Schülerinnen, déi opgrond vun hierem Krankheitsbild kaum oder guer net duerch d'Nues ootme kënnen oder en immens grouse Speichelfloss hunn, esou datt de Port vun enger Mask einfach onméiglech ass? Sinn an deene Fäll **extra Maske** virgesinn? Oder ass et virgesinn, des Schüler a Schülerinne virun der Reprise an duerno regelméisseg ze **testen**?
  - Wéi eng Mesuren ginn a Bezuch op de **Schülertransport** geholl, deen an de Centres de compétences eng extrem Erausforderung duerstellt, well en deelweis duerch d'ganzt Land fiert an d'Schüler a Schülerinnen oft laang an de Minibusser ënnerwee sinn? Wéi kann **ouni Begleetpersoun am Bus** garantéiert ginn, datt d'Kanner eng gewëssen Distanz anhalen resp. hire Buff (un deem sengem Asaz mir souwisou zweifelen) unhalen? **Huet de Buschauffeur d'Responsabilitéit** fir d'Anhale vun deene Precautiounen ze garantéieren?
  - Firwat ginn d'**Horairen** an de Centres de compétences net ugepasst? Ass et esou, datt an de Centres de compétences am Géigesatz zu der Grondschoul an zu de Lycéëen d'Horairen iwwert d'Mëttespau erausginn? Ass et wierklech esou, datt och déi Enseignanten, zu deenen hirer Tâche keng Surveillance beim **Mëttegiessen** gehéiert, des elo awer garantéiere sollen? Oder ass et esou, datt hei d'Personal am Laf vum Schouldag wiessele kann? Oder ass d'Personal senséiert, de Volume vun hiren Tâchen mirnäischtdirnäischte ze erhéijen?

## SPEBS

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

9. Firwat hunn **déi meescht Diagnostikzentren resp. d'Unités diagnostiques** vun de Centres de compétences schon erem **opgemaach oder** maachen **demnächst erëm op**, also nach virun de Lycéeën? Wou ass do d'Koherenz an der Argumentatioun? Bei der Diagnostik ass de Wiessel vun Intervenanten a vu Kanner besonnesch grouss. Sinn déi wiesselnd Kontakter am Sënn vun der Strategie vum Déconfinement?
10. An den Diagnostikzentren oder -unitéiten vun de Centres de compétences a vun den ESEB'en gi besonnesch oft ganz kleng Kanner virstelleg. **Wéi soll ee mat engem klenge Kand, dat engem nach ni begéint ass, mat engem Ofstand vun 2 Meter Vertrauen opbauen an esou schaffen, datt d'Kand ee Maximum vu sengem Potenzial weise kann, an een also belaaschtbar Resultater kritt?** Wann sech op ee Minimum vu Material soll beschränkt ginn, wéi solle standardiséiert Tester dann iwverhaapt duerchgefouert ginn, bei deenen een net de Choix vum Material huet? Wéi soll dat ganz Material, dat den Tour duerch divers Schoulgebaier mecht an a Kontakt mat onzielegen Testpersoune ass, desinfizéiert ginn? Et ginn vill pädagogesch a psychologesch Tester, bei deenen et indispensabel ass, datt d'Kanner, déi getest ginn, de Mond vun der Persoun, déi den Test duerchféiert, gesinn, an hir Stëmm kloër an däitlech wouerhuele kënnen. Wéi sinn déi Tester mat enger Mask duerchféierbar?
11. Dat selwecht gëllt insgesamt och fir d'Kanner aus dem **Cycle 1**. Wéi sollen déi kleng Kanner, an dobäi ebe besonnesch d'Élèves à besoins spécifiques am Cycle 1, d'**Protectiounsmesuren** anhalen? Am öffentleche Raum applizéieren des Protectiounsmesuren sech laut dem entspreche Règlement grand-ducal net fir Kanner bis 6 Joer. Ass d'Äntwert op des knifflig Fro, esou wei mir et vum Terrain rapportéiert kruten, datt déi kleng Kanner dann ebe keng Mask mussen droë fir an d'Schoul ze kommen, wou si dann de ganzen Dag an engem gréissere Grupp ongeschützt zesummen verbréngen? Domatt gëtt riskéiert, datt de Virus sech hei ongehemmt verbreedden kann, an der Schoul an iwwert d'Schoul eraus. D'Kanner ginn engem Risiko ausgesetzt, mä och d'Schoulpersonal. Ass hei virgesinn, déi Schüler a Schülerinnen, déi laut RGD net senséiert sinn, eng Mask ze droen, systematesch ze testen, ier d'Schoulen erëm opginn? D'Fro stellt sech och, wéi een Enseignement am Cycle 1 soll méiglech sinn, bei deem d'Kanner keng Materialien (Spillsaachen) deelen, an dat emsou méi wann déi Kanner spezifesche Bedürfnisser hunn.

## SPEBS

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

12. Fir **d'Interventions spécialisées ambulatoires** ginn d'Mesure vum Ministère vir, datt déi concernéiert Enseignanten, resp. dat concernéiert edukativt **Personal** aus de Centres de compétences **sollen "déterminéieren, ob de Schüler oder d'Schülerin méiglecherweis infizéiert ass"**. Hunn déi concernéiert Leit d'Kompetenz fir dat ze maachen? Wat sinn d'Critèren, fir déi Diagnos ze maachen? Wéi ee Material gëtt zur Verfügung gestallt?

### De SPEBS-CGFP fuedert:

- datt d'**Gesondheet** vun alle Schüler a Schülerinnen esou wéi och vun allen Enseignanten an Intervenanten beschtméiglechst garantéiert gëtt,
- datt an de Centres de compétences tselwecht ewéi an allen anere Schoulen d'Schülerzuel "vor Ort" duerch **d'Bilde vun A- a B-Gruppen** reduzéiert gëtt,
- datt all Interventiounen mat Kanner, also esouwuel den Enseignement ewéi d'Diagnostik an d'Therapien "en présentiel" (bis op déi Ausnamen, déi schon ugelaf sinn) **zu engem an deem selwechten Zäitpunkt ufänken**,
- datt d'Méiglechkeet geschafe gëtt, fir **regelméisseg systematesch Tester** op Covid-19 an de Centres de compétences duerchzeféieren, besonnesch bei deene Schüler a Schülerinnen, déi keng Mask undoë kënnen oder unzedoë brauchen,
- datt **professionnell Botzequippen** an all Centres de compétence (inklusiv all Annexen) während de Schoulzäiten sur place sinn, fir eng dem Enseignement vun an der Aarbecht mat Élèves à besoins spécifiques entsprechend Hygiene ze garantéieren,
- datt **kee gezwongen oder ënnert Drock gesat gëtt, fir Iwwerstonnen ze leeschten** oder seng regulär Aarbechtszäit ze iwwerschreiden, fir Missiounen ze iwwerhuelen, déi net zu senger Tâche gehéieren, oder fir eng aner Charge ze iwwerhuelen, wéi déi, fir déi en agestallt ginn ass,
- datt näischt um Konzept vun der Leçon (also der Schoulstonn) an de Centres de compétences geännert gëtt an **et net zu enger net remuneréierter Aarbechtszäitverlängerung kënn**,
- datt de **Cycle 1 an de Centres de compétences zoubleift**, well et eis onméiglech schéngt, am Cycle 1 déi sanitär Recommandatiounen anzehalen, genee wéi et och onvirstellbar ass, bei deene kleng Kanner souwisou, a besonnesch wann se spezifesche Bedürfnisser hunn, de «social distancing» ze garantéieren,
- datt d'Enseignanten an d'edukativt Personal keng medezinesch Missiounen ewéi **d'Diagnos vun Infizéierungen** iwwerhuele muss,
- datt **Begleetpersonal an de Schoulbusser** agesat gëtt.

## SPEBS

Syndicat du Personnel de l'Éducation nationale  
œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves  
à besoins éducatifs spécifiques  
association sans but lucratif  
affilié à la CGFP

Mir hunn d'Gefill, datt d'Veronsëcherung bei de Schüler a Schülerinne mat spezifesche Bedürfnisser, hiren Elteren, Enseignanten, Therapeuten, Rééducateuren an iwwerhaupt hirem gesamte Fachpersonal extreem héich ass. All des Acteuren hunn duerch hiren onermiddlechen an engagéierten Asaz an deene leschte Wochen eng Responsabilitéit geholl, op déi se iwwerhaupt net virbereet waren, an déi sech als nach weesentlech méi anspruchsvoll erausgestallt huet, ewéi an anere Beräicher vum Schoulsecteur; si hu ganz vill zousätzlech Aarbecht geleescht a vill Kreativitéit bewisen, fir fir d'Élèves à besoins spécifiques d'„Schoul doheem“ esou gutt wéi méiglech ze garantéieren. Et wier een Zeeche vu Respekt an Unerkennung vun hirer Aarbecht an am Sënn vu jidferengen, fir si elo mat an d'Boot ze huelen an mat hinnen zesumme koherent Léisungen ze fannen, déi eis alleguer weiderbréngge géifen an déi d'Veutraue weiderhin fördere gingen. Dofir fuedere mir, datt de Minister de SPEBS-CGFP kontaktéiert an déi Mesuren mat eis diskutéiert! Loosst eis **zesumme** weiderkommen!

De Comité vum SPEBS-CGFP